# De schéine Poli

**Dem Thierry Seng Kollegen 2011**
*D'Keess op an d'Klacken eraus !*

**Cool Feet 2007**
*Luxemburgänsia*

1

Pardon, wann ech viläicht hei stéieren,
Pardon, ech wollt sou frech net sinn,
Ech duecht Eech nuren z'informéieren
Meng Mamma déi kéim och geschwënn,
Si ass glad nach schnell regléiren
eng kleng Affär bis bei e Frend
Erlaabt dass ech mech presentééiren
sou entretemps, bis d'Mamma kënnt,

Refrain

Ech sinn de schéine Poli
Der Mamma hire Jong.
Ech maache keng Spiicht, keng Foli,
Sinn net sou domm am Fong.
Datt mech meng Mamma gieren
Ka mir kee Mënsch verwieren.
Mee 't nennt mech duerfir munch béis Zong:
"De Poli – der Mamma hire Jong."

2

Di Damme wäerten acceptéieren
vu mir ee klenge Chocolat.
Ech kann en nur recommandéiren,
En ass sou séiss, sou delicat.
Lo wou dir eech endorméieren,
kennt lues meng Mamma nach eran
eng Chocoltsknippchen mir z'offréieren,
a kuckt mech un, mat léiwen An,

Refrain

Du bass de schéine Poli
Der Mamma hire Jong.
Du mechs nimools Spiichten, ni Foli,
Bass net sou domm am Fong.
Datt dech meng Mamma gieren
Kann dir kee Mënsch verwieren.
Mee 't nennt dech duerfir munch béis Zong:
"De Poli – der Mamma hire Jong."

3

Ech fänken u mech z'inquietéiren,
Meng Mamma bleift sou laang ewech.
Si sollt meng Box nach uprobéiren
Duerno kéim si da gläich bei mech.
Si wäert sech dach net iwwermidden
D'Umiessen ass eng schrecklech Plo.
Ech muss dat coûte que coûte verhidden,
Pardon, pardon, ech ginn elo.

Refrain

Et ass de schéine Poli
Der Mamma hire Jong.
Hie mecht nimools Spiicht, ni Foli,
Hien ass net sou domm am Fong.
Datt hie seng Mamma gieren
Kann him kee Mënsch verwieren.
Duerfir uewer seet munch béis Zong:
"De Poli – der Mamma hire Jong.